N° 3696
Entrée le 24.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°3696 vum 25. Februar 2026 vum honorabelen Deputéierte Marc Georgen iwwert « Évolution des délais, des critères et des tarifs du contrôle technique des véhicules au Luxembourg »

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwert d'Evolutioun vun den Délais'en, Krittären an Tariffer vum Contrôle technique vun de Stroossegefierer zu Lëtzebuerg.

1. *Iwwert déi lescht 5 Joer gekuckt, wéi huet sech d'Waardezäit bei engem Contrôle technique initial (dat heescht keen zweete Rendez-vous nodeems ee beim éischte Rendez-vous dat betreffend Gefier net autoriséiert huet) entwéckelt ?*

Genee Statistiken zu der Entwécklung vun de Waardezäite bei engem Contrôle technique initial leien dem Ministère net vir. Et kann awer generell gesot ginn, dass alleguer d'Kontrollstatiounen an de Méint Mee bis Juli ëmmer méi staark besicht sinn. Eng méiglech Erklärung dofir ass den Autosfestival, deen traditionell Enn Januar bis Ugangs Februar ass an hei vill nei Autoe verkaf ginn. Dës Autoe ginn dann oft an de Méint Mee bis Juli ausgeliwwert. An well d'Periodiciéit vum Contrôle technique op den Datum vun der éischter Umeldung gerechent gëtt, mussen dës Autoen dann och all Joers an deene Méint an de Contrôle technique. Dësen Effekt huet sech duerch Corona och nach e bëssen erweidert, sou dass och nach d'Méint August a September méi staark ausgelaascht ginn, well et an der Corona Zäit zu enger Verspéidung bei den Ausliwwerunge vun den Autoe bei villen Hiersteller komm ass.

2. *Iwwert déi lescht 5 Joer gekuckt, wéi huet sech d'Proportioun vun de Gefierer entwéckelt, déi beim éischte Rendez-vous rejetéiert ginn ?*

D'Proportioune vun de Gefierer déi beim éischte Contrôle technique rejetéiert goufe stinn an der Tabell hei drënner:

| Année | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 |
|---|---|---|---|---|---|
| Taux de rejet contrôles primaires* | 19,04% | 18,72% | 17,79% | 18,08% | 17,71% |

3. *Sinn d'Krittäre vun de Kontrollen, déi beim Contrôle technique duerchgefouert ginn, an de leschte 5 Joer adaptéiert ginn ? Falls jo, wat ass hei geännert ginn ?*

Et gouf keng grondleeënd Adaptatioun vun de Krittäre vun de Kontrollen, déi beim Contrôle technique duerchgefouert ginn, an de leschte 5 Joer. Et goufe punktuell Upassunge vum Katalog vun de Kontrollpunkte gemaach. Sou gouf beispillsweis d'Iwwerpréiwung vum eCall System an d'Kontrollpunkten opgeholl an d'Obligatioun fir déi giel Linn ronderëm de Support de Plaque gouf ewech geholl.

4. *Sinn weider Augmentatioune bei den Tariffer an den nächsten 3 Joer geplangt ? Falls jo, wéini sollen dës ufalen ?*

D'Präisser vum Contrôle technique ginn net vum Staat festgeluecht. Déi dräi Societéiten, déi momentan zu Lëtzebuerg agreéiert si fir de Contrôle technique duerchzeféieren, stinn a Konkurrenz zueneen a berechnen hier eege Präisser fir de Contrôle technique. Aus dem Grond ka keng Ausso doriwwer gemaach ginn, wéi de Präis vum Contrôle technique sech an den nächsten 3 Joer entwéckele wäert.

Lëtzebuerg, de 24. Mäerz 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes